

an de Code pénal ugepasst, esou wéi dëse Protokoll et virgesäit. Et ass just eng Formsach, eng wichteg Formsach, mee awer, et ass gutt an nützlich, dës Approbatioun ze formaliséieren duerch eise Vott.

Mir hunn de Rapport de 7. Dezember dëst Joer ugeholl, nodeems d'Justizministersch Sam Tanson de Projet de 5. Januar dëst Joer deposéiert hat a mer den Avis vum Staatsrot mat der grénge Luucht den 8. März kriit haten. De 16. November hu mer de Projet an der Justizkommission analyséiert an de Rapport genant.

D'Konventioun vu Warschau vum 2005 war dat éischt internationaalt Instrument no den Attentat vum September 2001 an den USA. Et ass dat éischt Instrument, fir sech effikass Mëttelen ze ginn an der Terrorismusbekämpfung. Mir hunn dës Konventioun mam Gesetz vum 26. Dezember 2012 deemools ugeholl.

Fir de Phänomene vum den auslänneschen Terroristekämpfer besser kennen an de Grëff ze kréien, huet de Ministerrot (veuillez lire: huet de Ministerkomitee) vum Europarat den 22. Januar 2015 decidéiert, dësen Zousazprotokoll ze verfaassen. An dësem Protokoll ginn all d'Länner opgefuerdert, fir ze legiferéieren a folgend Akten, folgend Doten ënner Strof ze stellen, et sinn der fënnf:

– wann Der Member sidd vun enger Associatioun, déi terroristesch Objektiv huet, also just d'Membersinn,

– wann Der als Terrorist trainéiert gitt, ausgebild gitt, also net emol zougeschloen hutt oder an den Asaz koumt, mee trainéiert gitt,

– wann Der an d'Ausland gitt, fir den Terrorismus ze ënnerstëtzen, méi oder manner, ouni dass dat kloer kann nogewise ginn,

– véiertens, wann Der Auslandsreise finanzéiert vu Leit, déi terroristesch Ziler hunn,

– a fënneftens, wann Der Auslandsreisen organiséiert oder méiglech maacht mat terroristeschem Handgrond.

Dës fënnf Dispositiounen si mëttlerweil an eise Code pénal ofgedeckt an den Artikelen, der Rei no: 135-4, 135-13, 135-15 135-5 an nees 135-15. Mir huelen haut also keng weider legislativ Moossnam, fir de Protokoll offiziell unzuhuelen.

Ech froen Är Zoustëmmung zu dësem Projet a soe Merci fir d'Nolauschtenen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Margue.

D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, ech wollt och just dem Rapporteur an der Kommission Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi gemaach ginn ass. An ech mengen, et wär alles gesot.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Mammad Ministesch.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7940. Den Text steet am Document parlementaire 7940².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7940 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7940 ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Absentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par

Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gladen, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Octavie Modert), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Jean-Paul Schaaf), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Cécile Hemmen), Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues: Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 7960 – Projet de loi portant règlement des conflits d'attribution et portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant organisation de la Cour constitutionnelle

Mir kommen elo zum Projet de loi 7960 iwwert d'Reeglung vu Konflikter bei der Attributioun un d'Cour constitutionnelle. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet direkt de Rapporteur vum dësem Projet de loi, den honorabelen Här Charles Margue.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Deen nächste Projet fir de Moien, den 7960, gouf de 27. Januar dëst Joer vum der Justizministersch deposéiert. Et ass e weidere kuerzen Text, fir de Fonctionnement vun eise Gerichtsbarkeeten ze klären. De Projet gouf den 9. Februar 2022 an der Justizkommission virgestallt an de Rapporteur ass du genant ginn.

Den 9. März hu mer eis an der Justizkommission ausgetosch – an dat ass wichteg gewiescht – mat de Verrieder vum der Justiz a mir hunn iwwer Amendementsproposen vum der CSV diskutéiert, déi mer schlussendlech awer elo net direkt zrëckbehalen hunn. De 16. März hu mer dunn eng Serie Amendementer an der Kommission ugeholl.

De Staatsrot huet säin Avis bekanntginn den 28. Juni a mir hunn deen de 5. Oktober analyséiert an doropshin nach eng Kéier eng zweet Serie Amendementer ugeholl. Den Avis complémentaire vum Staatsrot huet eis du gréng Luucht ginn a mir hunn de Rapport fir dëse Projet de 7. Dezember ugeholl.

Em wat geet et bei dësem Gesetzesprojet, deen aus zweielef Artikele besteet? D'Gesetz, wa mer et stëmmen, trëtt a Kraaft de selwechte Moment wéi d'Kapitel vum der Justiz, iwwert dat mer virdrun ofgestëmmt hunn, vum der Verfassung. Mir schreiwen do nämlech dra fest, dass d'Verfassungsgericht an Zukunft zoustänneg ass, wann et e sougenannte „conflit d'attribution“ gëtt.

E Conflit d'attribution – also: Wien ass zoustänneg? – besteet, wann Oneenegkeet doriwwer besteet, wie sech soll drëm këmmen, entweder den Ordre judiciaire oder den Ordre administratif. Fir de Moment gesäit d'Verfassung vir, dass d'Cour supérieure de justice an esou Fäll soll schlichten. Interessant ass awer, dass bis haut nach ni d'Situatioun sech gestallt huet, dass huet misse geschicht ginn. Mir hunn et also gewëssermooosse mat engem theoreetesche Problem ze di bis ewell, mee et kéint nach ëmmer kommen.

Well mat dësem Projet de loi d'Zoustännegkeet fir d'Conflits d'attribution bei d'Cour constitutionnelle geet, passe mer d'Gesetz vum 27. Juli 1997 iwwert d'Verfassungsgericht also un.

Mir hunn eis fir dëse Gesetzesprojet um franséische Modell inspiréiert. Prioritär soll et drëms goen, esou Attributiounskonflikter ze vermeiden. Dat ass dat, wat am éischte Kapitel steet. Am zweete Kapitel weise mer Léisungen op fir déi Fäll, wou dat net geklappt huet.

Am Kapitel 1 gesäit d'Gesetz vir, dass eng Juridiction vu sech aus d'Verfassungsgericht ka saiséieren, fir am Zweifelsfall ze klären, ob se zoustänneg ass oder net. Huet eng Juridiction sech net zoustänneg erkläert, mussen d'Parteien ipso facto deen aneren Ordre saiséieren. D'Verfassungsgericht muss entscheiden, wien zoustänneg ass am Fall, wou déi Juridiction, un déi d'Affär verwise gouf, och näischt wëllt dermat ze dinn hunn.

Am Kapitel 2 gesäit de Gesetzesprojet vir, dass d'Parteien an enger Affär d'Verfassungsgericht kënnen saiséieren, wann d'Gerichter vum Judiciaire a vum Administratif sech allen zwee fir net kompetent erklären. Da schwätze mer vun engem „conflit négatif“, also kee wëllt, aus verschiddenen Ursaachen, sech dem Fall unhuelen.

D'Verfassungsgericht muss awer och entscheiden am Fall vun engem sougenannte „conflit positif“, dat heescht, wann déi zwee Ordren, de Judiciaire an den Administratif, sech alle béid kompetent erkläert hunn, fir an där Affär ze urteelen.

Et gouf een Avis vum Parquet général an zweemol ee vum Staatsrot. Dee vum Parquet gouf verschafft an der éischter Serie Amendementer. De Staatsrot huet, wéi gesot, op d'Entrée en vigueur higewisen, déi zesumme mat der Verfassung sollt sinn.

Mee em wat ass et virun allem gaangen? An dat war och am Austausch mat de Verrieder vum der Justiz den Objet: dass mer eis an der Kommission gëeeneegt hunn, dass de Ministère public an Zukunft net méi direkt aktiv ass als Amicus curiae. Mir sinn hei an der grousser Juristerei ënnerwee! Dir gesitt et, eng weider Fro, fir d'Roller a Pouvoiren net ze vermëschen, eng Fro vun Onofhängegkeet an Transparenz.

De Staatsrot war also domat averstanen, dass de Ministère public net méi aktiv wär als Amicus curiae, ënner der Konditioun awer just, dass d'Konklusiounen, déi de Ministère public hält, an den Dossier kommen, wou d'Verfassungsgericht muss schlichten, dat heescht, dass gewosst ass, wat de Ministère public zu deem Projet denkt. Wat en aviséiert huet, muss an den Dossier kommen!

Ervirzehiewe bleibt nach, dass d'Arrête vum Verfassungsgericht en matière de conflits d'attribution net am Journal officiel publiziert ginn.

Voilà! Dat wär et fir mäi mëndleche Rapport. Weider Detailer fannt Der wéi ëmmer a mengem schrëftleche Rapport an an den Document-parlementairen.

Ech soen Iech Merci a ginn den Accord vun der gréngeger Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden ageschriwwen.

Discussion générale

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. Merci dem Charel Margue fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Wéi gesot, d'Ursinn vun dësem Projet de loi fënnt sech am Kapitel iwwert d'Justiz, dat mer virun enger Stonn hei am zweete Vott gestëmmt hunn. Et ass elo net méi d'Cour supérieure de justice, mee d'Verfassungsgericht, wat zoustänneg ass, wann en eventuelle Konflikt géif opkommen tëscht deenen zwee Ordres juridictionnels, op där enger Säit dem Judiciaire, op där anerer Säit dem Administratif. Et ka sinn, datt kee sech zoustänneg erkläert, et ka sinn, datt jiddwereen d'Affär wëllt maachen, da muss eenen d'Cour constitutionnelle statuieren.

Mir haten eng gutt Diskussioun iwwert den Amicus curiae a mir hunn eis finalement duerchgesat, eeben opgrond vun der klorer Trennung vun deenen zwou Gruppe vu Riichter, wann ech dat esou ka soen, datt hei keen Amicus curiae méi derbäi ass.

Domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun.

Mme Martine Hansen (CSV) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Gloden. An d'Wuert geet elo un den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleege, ech soen op alle Fall, fir et net ze vergiessen, dem Rapporteur fir säi schrëftlechen a mëndlechen Rapport e ganz, ganz grouse Merci. Erlaabt mer awer och, de Vertrieeder vum Pouvoir judiciaire Merci ze soen, well se sech am Kader vun dësem Projet Zäit geholl hunn, fir an d'Kommissioun ze kommen, fir eenzel Diskussionspunkten ze beliichten a fir op eis Froen ze äntweren.

De Charles Margue huet et gesot an Dir wësst et och: Dësen Text hänkt zesumme mat der aktueller Deelrevisioun vun eiser Verfassung, a méi prezis mam Léon Gloden sengem Kapitel zu der Justiz.

Bis elo war de Mode de résolution fir Konflikter bei der Attributioun vun der Kompetenz tëscht dem Ordre judiciaire an dem Ordre administratif net regelmentéiert. Aktuell war do virgesinn, dass deen Ieweschte Gerichtshaff an esou Fäll géif intervenieren.

Mat der Revisioun vun der Verfassung goufen d'Kompetenze vum Verfassungsgericht erweidert a mam neien Artikel 95 (3) ass notament seng Missioun, fir, ech zitieren, „conflits d'attribution“ ze regléieren, elo fest an der Verfassung verankert.

E klengt Wuert zu engem Haaptdiskussionspunkt aus der Kommissioun, an de Léon Gloden huet et schon ugeschwat: D'Kolleege vun der CSV haten d'Fro an enger éischter Sitzung opgegraff, ob de Parquet soll de Rôle vum Amicus curiae als Deel vun dësem Text zougesprach kréien, also souzeseen de Rôle vun engem extraordinäre Consultant oder Informateur, dee vun enger jeeweileger Juridiction ka beruff

ginn, fir mat sengen Observatiounen dem Gericht notament zu enger Léisung ze verhëlfen.

Dëst ass, wéi gesot, an der Kommissioun diskutéiert ginn, well do net vun Ufank un e Konsens bestanen huet. Och de Staatsrot hat an engem viregten Text schon eemol eng Kéier seng Reserve bezüglech der Attributioun vun dësem Rôle un de Parquet verlaude gelooss.

No weideren Diskussiounen, ënner anerem mam Pouvoir judiciaire, si mer eis awer eens ginn, dass de Parquet och elo scho kann intervenieren, dëst a senger Qualitéit als Partei an engem Litige. Grad an enger strofrectlecher Affär, wou de Parquet d'Jurisdiction och nach selwer saiséiert, wier d'Missioun vum Ministère public mat där vun engem Amicus curiae inconciliable.

Deem konnte mir als DP nëmmen zoustëmmen. A wéi de Kolleege Pim Knaff gesot huet, sollt et de façon généralisée favoriséiert ginn, eng kloer Distinction tëscht dem Magistrat du siège an der Magistrature debout oprechtzeerhalen.

Zum Projet de loi selwer. Wéi scho gesot, ass e liiert un d'Verfassung. Nonobstant seet dat awer näischt iwwer seng allgemeng Meritten als eenzelnen Text aus. E Verfassungsgericht, dat d'Kompetenze ka klären, de préférence éier e Kompetenzgerangel entsteet, mee awer och dono, bedeit och eng méi kloer a méi effikass Justiz fir de Justiciabel, sief et, fir de Renvoi facultatif oder de Renvoi obligatoire ze klären oder am Virfeld scho Preventiounsbaarbecht ze leeschten, fir positiv oder negativ Konflikter ze vermeiden. Alles dat dréit zum Schutz vum Justiciabel, also vum Bierger, bái a wäert och derzou bäidroen, dass manner Zäit verluer geet an Dossieren, déi vill méi séier bei deene kompetenten Instanze kënnen traitéiert ginn.

Dëst ass, wéi iwwregens vill Modifikatiounen an der Proposition de loi 7575, am Sënn vun de Leit dobaussen, déi sech op d'Justiz an op de System verlooßen an déi sech drop verlooßen, dass si esou séier wéi méiglech bei hiren Affäre gehollef kréien.

An dësem Sënn ginn ech heimat den Accord vun der DP-Fraktioun an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Arendt. Da wier et um honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleege, ech soen op alle Fall, dem Rapporteur, dem Charles Margue, merci fir säi gudde Rapport, souwuel mëndlech wéi och schrëftlech.

Jo, mir hunn haut eng ganz Rei Gesetzesprojeten, déi mam Akraafttriede vun eiser Verfassung ze dinn hunn, an dëse Projet, mengen ech, iwwert dee mer elo hei befannen, ass keng Ausnam. An esou, wéi och de Rapporteur et erkläert huet, geet et hei ëm eng Kompetenzerweiderung vum Verfassungsgericht. Dat soll amplaz vun der Cour supérieure de justice intervenieren, wann et tëscht de Geriichter, also tëscht dem Ordre judiciaire an dem Ordre administratif, zu engem Konflikt bei de jeeweilegen Attributione kënnt. An ech mengen, e Virdeel vun dësem Gesetz ass, datt et och d'Modalitéiten, fir esou e Konflikt ze léisen, ganz prezis virgesäit.

Ech mengen, dass dat och e ganz, ganz wichtige Schratt ass, dee mer hei maachen, well et elo an Zukunft um Verfassungsgericht ass, dës Konflikte d'attribution ze regelen. A mir wëssen awer och, dass bis elo ëmmer d'Cour supérieure de justice dës Kompetenz hat a si dës Kompetenz elo net méi huet. Mir wëssen awer och, dass bis dato dës Kompetenz

theoreetesch bliwwen ass an am Fong d'Cour supérieure de justice net saiséiert gouf.

Et gouf natierlech och gekuckt, wéi d'Nopeschlänner fonctionnieren an et gouf sech och do kloer um franséische Modell inspiréiert. A Frankräich gëtt et do dee sougenannten Tribunal des conflits, deen d'Attributionskonflikter tëscht deenen zwee gerichtlechen Ordren am Fong reegelt, wou awer och d'Komposition zwëscht Membere vum Staatsrot a vum Kassationsgericht, wéi gesot, deemstspriechend gereegelt ass.

Eist Verfassungsgericht ass kompetent an onofhängeg genuch opgestallt, fir sech an Zukunft ëm déi Kompetenzlitzgen ze këmmen, dat och an enger preventiver Natur, well et och en aval deemstspriechend kann handelen.

Ech kommen nach op eng Diskussioun zrëck, déi mer an der zoustänneger Kommissioun haten. Et war ugeschwat ginn, dass am Fong de Ministère public – an d'Kolleege vun der CSV hu virop déi Diskussioun ugekuerbelt – a sengem Rôle als Amicus curiae beim Verfassungsgericht soll effektiv ofgeschafft ginn. Mir hunn an der Kommissioun konstruktiv doriwwer diskutéiert. Nach, mengen ech, kann de Ministère public awer säin Avis beim obligatoresche Renvoi natierlech bäifügen.

Wat fir eis als LSAP virun allem wichteg ass, dat ass, dass am Fong och dee preventiven a fakultative Volet nach ganz kloer hei bestoe bleift. Dat läit eis och deemstspriechend um Häerz.

Voilà! Fir de Justiciabel, dat muss een awer och soen, ass dat hei natierlech eng zousätzlech Garantie a Motivatioun, fir säi Recht och kënnen anzeferderen, wann en an enger Situatioun ass, wou e mat der Justiz ze dinn huet.

An domat ginn ech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Biancalana. Da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Roy Reding.

M. Roy Reding (ADR) | Merci, Här President. Ganz kuerz, ech wollt dem Kolleege Charel Margue häerzlech Merci soe fir den exzellente Rapport. Ech mengen, och Netjuristen hu verstanen, wourëm datt et geet. An dat ass ëmmer dat Wichtigst an engem gudde Rapport. Mir droen deen Text do selbstverständlech mat.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Reding. Da geet d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'éischt och emol nach eng Kéier e grouse Merci un de Rapporteur, an ech soen dat och eng Kéier direkt: Mir droen dëse Projet mat.

Vu datt et tëscht dem Ordre judiciaire an dem Ordre administratif keng Hierarchie gëtt, denke mir dann och, dass et effektiv kohärent ass, datt am Fall vun engem Konflikt d'attribution tëscht dësen zwee elo d'Cour constitutionnelle amplaz vun der Cour supérieure de justice d'Kompetenz huet, fir dës Fro ze regléieren.

Wat mir allerdéngs awer am Kontext vun der Cour constitutionnelle e bësse bedauern, ass, datt och no der Revisioun vun der Constitution de Renvoi préjudiciel duerch déi verschide Juridictionen déi eenzeg wierklech Méiglechkeet bleift, fir si ze saiséieren. D'Objektiv vun dëser Juridiction ass jo, d'Veerenbarkeet vun de Gesetzter mat der Constitution ze iwwerpräieren. A mir sinn hei der Iwwerzeugung, dass eng Erweiderung um Accès zu der Cour constitutionnelle dësen Objektiv ënnerstëtzt géif, esou wéi mir dat och an eiser Verfassung (veuillez lire: an eiser Verfassungsproposition) virgesinn hunn.

Déi geréng Zuel vun den Arrête vun der Cour constitutionnelle pro Joer schwätzt schonn eleng Bänn a steet ganz kloer als Zeechen dofir. Fir den Accès ze erweideren, kéint ee beispillsweis driwwer nodenken, verschiddenen Acteuren, wéi zum Beispill den Deputéierten, de Chambre-professionnellen oder de Gemengen, am Virfeld vun engem Gesetz, also ganz kuerz, ier et a Kraaft trëtt, oder eebe ganz séier, nodeems et a Kraaft getrueden ass, d'Méiglechkeet ze ginn, fir d'Cour constitutionnelle ze saiséieren. Esou hätt een d'Méiglechkeet, déi Texter, wou Zweifele bestinn, séier iwwerpräiwen ze loosenen.

Ech verweisen hei gär nach eemol op eis Proposition, déi ech gëschter virgestallt hunn, déi verschidde Méiglechkeete gëtt fir eng Erweiderung vum Accès zur Cour constitutionnelle.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Ech kann et och ganz kuerz maachen. Merci dem Charel Margue fir dee gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport, a mir wäerten och eis Zoustëmmung ginn.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministersch Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, merci, Här President, a merci der ganzer Kommissioun, virop dem Rapporteur Charel Margue. Dir hutt elo hei ganz am Detail belicht, ëm wat et geet an och nach eng Kéier an de Fokus gestallt, dass et u sech ee bis elo theoreetesche Problem ass, deen hoffentlech och theoreetesche bleift.

Nawell muss e gereegelt ginn, dat ass hei ausféierlech gemaach ginn. Dat ass den Objet vun dësem Gesetz. An ech mengen, dass dat elo kloer ass an dass et och gutt ass, dass mer dee Kader elo hei esou hunn.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Justizministersch. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7960. Den Text steet am Document parlementaire 7960⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7960 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7960 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Diane Adehm), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 8076 – Projet de loi portant suspension temporaire des déguerpissements en matière de baux d'habitation

Dee leschte Punkt vun haut de Moien ass de Projet de loi 8076, eng temporär Suspendéierung vum Deguerpissement. An d'Wuert huet direkt den honorabelen Här Charles Margue als Rapporteur vun dësem Projet de loi.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Voilà, dat ass de fënnefte Projet fir de Moien. Mir stëmmen mat dësem Gesetzesprojet 8076 eng Dispositioun, déi virgesäit, dass Locataire, déi weinst der Energiekris an der Inflation hire Loyer net kënnen bezuelen, net elo am Wanter riskéieren, op d'Strooss gesat ze ginn.

Dëse Gesetzesprojet gouf vun der Justizministersch Sam Tanson deposéiert de leschten 3. Oktober. De Staatsrot huet eis säin Avis ginn déi lescht Woch, den 13. Dezember, mat enger Opposition formelle an enger Proposition de texte, wat eis et erméiglecht huet, an der Justizkommissioun vum 15. Dezember den ursprüngelechen Text an den ofgeännerten ze examinéieren. Mir hunn dunn och de Rapport genannt an de Rapport direkt ugeholl an där selwechter Sitzung, well mer gutt virbereet waren.

Erlaabt mer e puer Wieder, fir méi däitlech ze soen, ëm wat et hei geet. Mir liewen an enger Zäit vun Inflation, vun héijen Energiepräisser a méiglechem Kafkraaftverloscht. Mir riskéieren, eng Rei Mënschen ze verléieren, Mënschen, deenen et net esou gutt geet, déi Schwieregkeete kënnen kréien, fir hir Rechnungen zurzäit ze bezuelen an och hir Loyer a soss Wunnkäschten. An een, deen net bezilt, dee kann normalerweis gekënnegt kréien, a wann e seng Wunneng dann awer net verléisst, da kann en op d'Strooss gesat ginn.

Fir dat ze evitéieren, huet dëse Gesetzesprojet 8076 e Mechanismus, dee virgesäit, datt déi gekënnegt Locataire eng Requête beim Friddensrichter kënnen areeche, fir eng Suspensioun ze froen, déi bis den 31. Mäerz 2023 d'nächst Joer geet. Dës Demande muss natierlech begrënnt si mat den néidege Pabeieren, aus deenen ervirgeet, dass den Demandeur weinst senger prekärer Situatioun, onofhängeg vu sengem Wëllen, keng aner Wunneng zu den aktuelle Locatiounspräisser ka fannen.

Hei d'Avisen – interessant, mee net iwwerraschend, jee nodeem, aus wéi enger Perspektiv een dëse Gesetzesprojet kuckt –: D'Huissieren, d'Dierwiechter

huelen dëse politesche Choix zur Kenntnes a positionéiere sech net zwëschen den Interesse vun de Proprietären an de Persounen, déi gekënnegt kréien.

D'Staatsbeamtekummer begréisst de generelle Standpunkt vum Legislatuer, d'Mënschen a Schwieregkeeten ze schützen, seet awer, dass den Demandeur muss begrënne kënnen, dass en a Schwieregkeeten ass.

D'Salariatskummer seet, dass e bessere Schutz vun de Locataire néideg ass a freet d'Regierung ze kucken, ob nom 31. Mäerz d'nächst Joer gegebenefalls d'Héicht vun den Energiepräisser net esou ass, dass dës Moosnam eventuell misst verlängert ginn.

D'Handelskummer ka verstoen, dass mer eng Trêve hivernale maachen, mee mir sollten oppassen, dass d'Proprietären net nach méi penaliséiert ginn an deem Sënn, dass hir Locataire ëmmer méi an hirer Schold sinn a weineg Aussicht besteet, dës Suen enges Daags anzedriwen. Dat ass d'Problematik vum Cumul bei engem, deen net ka bezuelen, deen ëmmer méi Schold kritt.

An deem Avis steet och nach, dass et u Sozialwunnege feelt an een dee Problem net léise kann op d'Käschte vun de Proprietären.

(Interruption)

An deem Sënn suggeréiert d'Handelskummer, ob dës geschëllte Loyer net vun der ëffentlecher Hand sollten iwwerholl ginn. Eng Suggestioun!

De Staatsrot reflektéiert dann och dës entgéintgesaten Interesse vu betraffene Locataire a Proprietären a kënnt zur Konklusioun, dass déi gesetzlech Dispositioun muss esou kadréiert sinn, dass keen Abus geschitt, an dass d'Demande kloer begrënnt muss ginn. Et dierf also keen Automatismus doraus entstoen an all Grënn vu Kënnegunge muss betruecht ginn. Zum Beispill kann et net sinn, dass ee Leit schützt, déi amgaange sinn, eng Wunneng ze degradéieren, oder dass een et dem Proprietär onméiglech géif maachen, a seng Wunneng ze goen, déi e fir sech selwer brauch. Dir kënnt dës Iwwerleeunge vum Staatsrot a mengem schrëftleche Rapport am Detail noliesen.

Mir hunn an eiser Sitzung vum 13. (veuillez lire: vum 15. Dezember) de Rapport eestëmmeg ugeholl gehat a jiddwereen, deen do war, war och averstanen, dass mer elo keng weider Debatt maachen; mee dat hu mer elo geännert.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Charles Margue.

An dann huet den Här Roy Reding d'Wuert gefrot.

Discussion générale

M. Roy Reding (ADR) | Jo, merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Charel Margue huet elo a sengem Rapport, wéi en déi verschidden Avisen opgezielt huet, ganz genau de Fanger op d'Wonn geluecht. Ech mengen, d'Realitéit vu Leit, déi mat den Enner net méi zesummekommen, ass do. Si ass batter, mir müssen deene Leit hëllefen, onbedéngt! Et ass schrecklech, wann s de däi Loyer net méi kanns bezuelen an da flitts de op d'Strooss. Dat där net geschéien!

Mee d'Léisung dovunner, do maache mir eis et awer einfach, wa mer déi op de Proprietär verschoben. Well och de Proprietär huet Schwieregkeeten! Och de Proprietär huet héich Energiekäschten, och de Proprietär muss e Prêt rembourséieren, wou d'Zësen eropginn. Maache mer elo eng Kéier e Gesetz, wou mer soen, mir iwwerhuelen als Staat déi